# National News

## AHA: Asbl fir Leit mat net-reliéiser Weltanschauung

RTL - 27.10.2010, 15:20 - Fir d'lescht aktualiséiert: 28.10.2010, 14:51

**Commentaire ofginn? Hei klicken!**

Leit mat net-reliéiser Weltanschauung, déi also et un ee Gott gleewen, hunn eng Allianz, wou se sech kënne regroupéieren. D'Asbl nennt sech AHA.



*© AHA*

No den Diskussiounen iwwer Austrëtt aus der kathoulescher Kierch oder iwwert d'Euthanasie-Gesetz, ass et einfach Zäit, fir esou eng Associatioun, déi sech fir eng Gesellschaft asetzt, déi och fräi ass vu Reliounen, déi op Wësse setzt amplaz op Gleewen, op Ethik amplaz Moral, op Fräiheet amplaz Angscht, esou de President a Biolog Laurent Schley.
E Weltbild, dat kengem wéi deet, awer schonn duer geet, fir vun Deeler vun der kathoulescher Kierch veruerteelt ze ginn, esou de Laurent Schley.

Een anert Ziel: den Afloss vun der Relioun an den Domaine vun der Wëssenschaft verhënneren, datt do net op reliéis Märecher gelauschtert gëtt, seet de Generalsekretär Manuel Huss.

Duerfir verlaangt AHA dann och fir d'Konventionnéierung vun de Reliounen zu Lëtzebuerg opzeléisen. An endlech de Wäerteunterrecht anzeféieren, fir datt d'Kanner net d'office vu enger Relioun beaflosst ginn.

AHA wëll d'Rad net nei erfannen, sech awer do améschen, wou d'Relioun hirer Meenung ze vill Afloss hëlt. D'Asbl wëll sech selwer finanzéieren, ouni Subisden, fir sech vun de Kierchen/Reliounen ze differenzéieren.

E Samschdeg, 6. November, ass di éischte Konferenz vun AHA. Sujet: "Glaubst Du noch, oder denkst Du schon?"

Méi op AHA.lu

« Hannescht op d'Iwwersiicht

« Hannescht op d'News Homepage

« Hannescht op d'Homepage

## Är Commentairen

Gidd w.e.g. Ären Numm an Är E-Mail-Adress un. Merci! D'E-Mail-Adress froe mir, fir Iech eng Confirmatioun ze schécken, wann Äre Commentaire online ass.
Duerch d'Fortschécke vun Ärem Commentaire acceptéiert Dir eis
**Conditions d'utilisations fir d'Moderatioun vun eise Commentairen a Lieserbréiwer.**

**MODERÉIERT W.E.G. ÄREN TOUN: KENG FRECHHEETEN.**
**KENG ONGEPRÉIFTE "FAKTEN". KENG FALSCH IDENTITÉITEN. MERCI!**

Numm:

E-Mail:

Text: